



N°8247
Entrée le 22.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.08.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
Präsident vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. August 2023

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Säit laangem ass bekannt, datt et beim Adapto Service ëmmer rëm schwéier Probleemer ginn. Nodeems eng Adapto Reform koum déi de Service verbessere sollt, krut eng Petitoung (n°2749) déi sech mat enger Rei Mängel beschäftegt huet, bannent dräi Deeg déi néideg Ënnerschrëften. Kritiséiert gouf zum Beispill, datt néi Busser bestallt, an an de Betrib komm sinn, déi net behënnert gerecht wieren. Et sinn och puer Fäll bekannt, wou Leit déi blann sinn an e Servicehond dobäi haten, de Begleethond net mathuele dierften.

De Lëtzebuenger Konsumenteschutz (ULC) hat den 18. Abrëll an enger Pressematdeelung eng Rei Propose virgestallt, déi den Adapto Service verbessere sollen. Generell soll de System an d'Kommunikatioun tëschent der Uruffzentral, dem Client an dem Chauffeur verbessert ginn. Weider goufe kloer Krittere etabliert, fir eng Adapto Kaart ze erhalen, oder verweigert ze kréien.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Mobilitéitsminister gär folgend Froe stellen:

- 1) Wéi huet den Här Mobilitéitsminister fir, fir op déi Kriticken ze reagéieren ?
- 2) Gouf eng Analys vun der Reform schonn an d'Weeër geleet ? Wann jo, wat fir eng Verbesserung si virgesinn ? Wann nee, firwat net ?
- 3) Wéi sinn d'Regelen vum Adapto aktuell fir Leit déi eng Begleetpersoun oder e Begleethond brauchen? Ass den Här Minister och der Meenung, datt et muss méiglech sinn, speziell fir Leit mat enger Behënnerung, kënnen eng Begleetpersoun oder e Begleethond am Adapto mat ze huelen?
- 4) D' ULC fuerdert, datt de System an d'Kommunikatioun tëschent der Uruffzentral, dem Chauffeur an dem Client verbessert sollt ginn. Sinn Initiativen um lafe fir de System an d'Kommunikatioun ze verbesseren a falls jo, vu wéini u sollen dës Moosnamen sech am Fonctionnement vum Zerwiss bemierkbare maachen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten